



Thematik UNISEC + Jugendkriminalitéit

Mir vu 'eran, eraus ... an elo?' ware schonns erstaunt wéi mir d'lescht Woch gewuer gi sinn, dass d'UNISEC den Ament voll besat ass. D'UNISEC ass eréischt am Joer 2017 opgaangen an am Joer 2019 huet d'Mme Monti an engem Zeitungsartikel¹ Folgendes zum Ausdrock bruecht : « **Mon voeu est que l'Unisec n'affichera jamais complet.** ».

Amplaz elo Diskussiounen ze féiere fir ee weideren oder ee méi grouse Jugendprisong ze bauen, si mir der Meenung, dass eng 100% Auslaaschtung vun der UNISEC éischer sollt genotzt gi fir am Fong iwwert verschidden Themen ze schwätzen.

Als éischt wëlle mir ee Bléck op déi **,real' Jugendkriminalitéit** werfen – ass et haut wierklech vill méi schlëmm oder ass et déi ,gefüllten' Jugendkriminalitéit déi haaptsächlech duerch populistesch Äusserungen op de soziale Medien am Virdergrond steet?

Eiser Meenung no, muss een oppassen, dass dramatesch a ganz mediatiséiert Fäll – wéi zum Beispill Messerpickerei zu Bouneweg – eng realistesch Vue op de Problem net verhënneren.

Mir invitéiere jiddereen zu dësem Themen déi zwee Artikele ,*Jugendkriminalität – Zahlen und Fakten*² a ,*Das Ende der Unschuld*³ ze liesen.

Als zweete Punkt si mir der Meenung, dass **Preventioun** muss ausgebaut gi : ,*kriminogen*' Jugendlecher müssen éischer a besser encadréiert gi. Soubal ee Jugendlechen an dësem Sënn opfälleg gëtt, misst et eng spezialiséiert Struktur gi, wou sech em des jonk Leit intensiv këmmert fir ee wieder Ofrutschen ze verhënneren.

Mir müssen eis bewusst sinn, dass et sech um Jugendlecher handelt, déi sech an enger Entwécklungsphase befinden an doduerch éischer eng méi pedagogesch Betreuung brauchen amplaz se just anzespären.

An dësem Kontext froe mir eis och ob de ,*post-carcérale*' Encadrement duer geet fir dese jonke Leit d'Méiglechkeet ze gi erëm op de riichte Wee zrëck ze fannen.

Mir sinn der Meenung, dass muss massiv an d'**Betreiung vu jonke Leit mat Problemer** investisséiert gi an net weider blann ee Prisong nom aneren ze bauen an sech keng Froen ze stelle firwaat dës Prisonge méi séier gefällt gi wéi mir bauen kënnen.

De Ralph Schroeder, Direkter vun der UNISEC, gëtt an engem 100,7-Interview folgendermoossen zitéiert : « *De Ralph Schroeder huet d'Suerg, datt d'Demande mat der Offer kéint klammen, datt also eng Unisec mat méi Capacitéit och méi séier géif gefällt ginn.* »

Mir hunn op der éischer Säit vun eiser Homepage puer flott Artikelen zur Jugendkriminalitéit zesummegebroen an invitéieren all Interesséierten ee Bléck heirop ze werfen.

Gregory Fonseca
Trésorier

ERAN, ERAUS
... AN ELO?

www.eran-eraus-an-elo.org

¹ Le quotidien – 14/11/2019 : Délinquants mineurs : « Il faut leur offrir des perspectives »

² <https://www.bpb.de/politik/innenpolitik/gangsterlaeufer/203562/zahlen-und-fakten>

³ https://www.deutschlandfunkkultur.de/jugendliche-straftaeter-das-ende-der-unschuld.976.de.html?dram:article_id=490809